ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

*An engem Interview op RTL huet d'Madame Direkter vun der Europaschoul gesot, dat d'lëtzebuerger Sprooch am Ament net kann an de „klénge Klassen" geléiert ginn, wëll dofir eng offiziell Demande vum Lëtzebuerger Staat muss gemaach ginn. Esou eng Demande läit awer net vir.*

*Ech ginn dovunner aus, datt d'Madame Direkter sech bei dëser Ausso op déi allgemeng Regele fir de Sproochenunterrecht an den Europaschoule bezitt. Dee gesäit speziell Dispositioune fir, fir den Unterrecht „an enger anerer nationaler Sprooch" („ONL other national language"oder autre langue nationale). Dëst sinn am Ament Irlännesch, Maltesesch,Finnesch a Schwedesch.*

*D'Bestëmmunge fir d'Horaire fir déi „aner national Sprooche" sinn am Artikel 2.4 vum den allgemenge Regele fir de Sproochenunterrecht virgesinn.*

*Dowéinst wéilt ech dem Här Educatiounsminister dës Fro stellen:*

*Wéini denkt den Här Minister, eng Demande un d'Europaschoulen ze stellen, fir datt d'Lëtzebuergescht als „aner national Sprooch" an den Europaschoulen opgeholl gëtt, konform zu den allgemenge Regele fir de Sproochenunterrecht an den Europaschoulen?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten